Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Juli 2025

# Avis zum Snus Konsum an de Lycéeën

An deene leschte Joren hunn neiaarteg Nikotinsproduiten sech staark an eise Lycéeën duerchgesat. Produite wéi d'Nikotin Pouches, ënnert de Leit och gäre Snus genannt, hunn Iwwerhand an de Schoule geholl an dat net just bei den Eeleren. Laut de Statistike vun der *Fondation Cancer* vum 22. Mee ass gewosst, dass 16% vun de 16 – 24 Järegen Snus konsuméieren[1], eng Zuel déi eis zudéifst besuergt.

D'CNEL, déi national Schülerkonferenz, huet an dem Kader och eng national Ëmfro an de Lycéeë lancéiert, déi als Zil hat d'Konsumverhale vun de Schüler mam Snus rauszefannen. Bei der Ëmfro, un där iwwert 1000 Schülerinnen a Schüler deelgeholl hunn (Stand 10. Juli 2025), hu bal 22% vun den 12-18+ Järegen, also bal ee Véierel, uginn, scho Snus ausprobéiert ze hunn, resp. reegelméisseg ze konsuméieren. Dës Zuele weise kloer, dass et sech hei net méi ëm Eenzelfäll, mee ëm een Trend, ee gesondheetlech ganz geféierlechen Trend, handelt, dee vu ville Jonke fälschlecherweis als "gesond Alternativ" zum klassesche Fëmmen ugesi gëtt.

D'Äntwerten aus der Ëmfro weisen däitlech:

- Vill Schülerinnen a Schüler si net genuch opgekläert iwwer d'Risiken, déi Snus mat sech bréngt, wéi z. B. d'Sucht- an d'Gesondheetsgefor.
- Gruppezwang, Virwëtz, awer och Stress, Konzentratiounsproblemer oder einfach d'Gefill dobäi wëllen ze sinn, ginn als Haaptgrënn genannt.
- Den Zougang zu Snus geschitt oft ouni Kontroll, iwwert Frënn an hirer Altersgrupp, Butteker wou Tubaksproduite verkaf ginn, Online-Shops oder sozial Netzwierker. Dacks gëtt dobäi keng Altersverifikatioun gemaach, an et feele wichteg Informatioune wéi z. B. d'Stäerkt vum Nikotin oder d'Gesondheetsrisiken.

Dat beweist: Et muss elo gehandelt ginn – net eréischt dann, wann et ze spéit ass.

[1] https://www.rtl.lu/news/national/a/2306062.html

D'CNEL rifft aus dëse Grënn d'Gesondheetsministesch an all zoustänneg Instanzen dozou op, déi follgend Mesuren ëmzesetzen:

1. Verkafsverbuet vu Snus u Mannerjäreger.
2. Streng Regulatioun vum Online-Verkaf, mat kloren Alterskontrollen.
3. Limitéierung vun der Nikotinstäerkt an dëse Produiten.
4. Séier a konkret Ëmsetzung vum Gesetzesprojet, deen zwar deponéiert ass, mee zënter 2 Joer blockéiert oder verzögert gëtt.
5. Opklärungscampagnen an de Schoulen, déi realitéitsno a wëssenschaftlech iwwer dës Nikotinsproduiten informéieren a warnen.
6. Reklammsverbuet a Verbuet vu Verpackungen oder Branding, déi Jonker uschwätzen.

Als national Schülerkonferenz verlaange mir, dass d'Stëmm vun de Betraffenen, de jonke Leit am Land, eescht geholl gëtt. D'Situatioun ass net méi z'akzeptéieren, a weider Passivitéit kéint gravéierend Konsequenze fir d'Gesondheet vun enger ganzer Generatioun hunn.

D'CNEL ass bereet, matzeschaffen an ze ënnerstëtzen an an den Dialog mat Politik, Schoulen a Verwaltungen ze trieden.

Mat groussem Respekt a voller Hoffnung op zäitno Moossnamen,

Am Numm vun der CNEL



Semir Honsic
Vize-President CNEL